

Schëtter

Gemengerotssëtzung vum 13. Dezember 2017

Stellungnahm vum Jim RONK (DP) zu der Schäfferotserklärung 2017-2023

Madamm, dir Hären.

D'Lescht Woch huet de Buergermeeschter eis d'Schäfferotserklärung virgestallt. Den Nico huet iech schonn seng Meenung zu dëser Erklärung ginn. Ech kann him nëmmen zoustëmmen. An dëser Erklärung sinn Saachen opgezielt déi et schonns 6 Joer ginn, aner Punkten sinn vague gehale an nach aner Punkten ginn e puer Mol opgezielt.

Ech hu mir e puer Punkten erausgepickt déi ech kommentéieren:

Säit 2 Abschnitt 3

E moderate Wuesstem anzehalen, wéi mir dat zesummen mat eise Awunner op Basis vun enger Biergerbedelegung festgeluecht hunn ass alles wie einfach.

Dat klengt ewéi eng Kapitulation. Ech hoffen dass dësen Schäfferot alles mécht dass mir dëse moderaten Wuesstem och anhalen, well mir eisen Awunner dat schëlleg sinn an di 4 Parteien déi am leschte Gemengerot waren hunn sich och eestëmmeg dozou bekannt. Ech hoffen dass di Gréng sech och dozou bekennen.

Säit 3.

D'Ëmweltkommissioun soll an Zukunft integral Member vum Klimateam sinn a Plaz wéi bis elo just hire President. Well am Klimateam awer och Membere vum Gemengerot setzen soll se donieft och nach onofhängeg fonctionnéieren fir dem Gemengerot kënnen Avis'en ze ginn a wichtege Dossieren.

Och an de Kommissiounen sëtze Leit aus dem Gemengerot. Déi ganzen Volet Klima an Ëmwelt gëtt vum Klimateam komplett an nach méi ofgedeckt. Ech gesinn do einfach een double Emploi.

Sait 4.

Nei Wunnebidder op Basis vu verkéierstechnesche, sozialen an ekologeschen Kritäre plangen a geneemegen, an esou zousätzleche Verkéier op e Minimum reduzéieren.

Dat ass ee super technesche Saatz, mais wat huet dann z.B. ee soziale Kritär mat Verkéier ze dinn. Ech wollt mol wëssen wéi ee kann zousätzleche Verkéier reduzéieren wann ee nei Wunnebidder schaaft. Déi Leit fueren dach awer net all mam Vélo oder ginn zefouess.

Kleng Geschäfte fir de lokale Bedarf an de verschiddeenen Quartier'en erlaben.

Dat brauch dach net an enger Schäfferotserklärung ze stoen, Dat ass dach selbstverständlech dass wann eng Demande do ass fir ee klenge Geschäft, d'Gemeng des erlaabt wann di gesetzlech Viraussetzungen bestinn.

Carport'en amplaz vu Garagen erlaben.

Wat heescht dat. Sollen elo keng Garage méi erlaabt ginn.

Fir d'Ausschaffe vun neie Wunnungsbauprogramm'en leeë mir sozial an nohalteg Kritäre fest. Asw. a d'Ubannung un den öffentleche Verkéier garantéiert sinn.

Dir schreift dass Ubannung un den öffentleche Verkéier garantéiert muss sinn fir nei Wunnprojeten. Wann dann elo esou ee Projet geplangt gëtt wou d'Ubannung un den öffentleche Verkéier net garantéiert ass, gëtt deen dann an Zukunft net méi autoriséiert???

Säit 5.

Weiderhin um Wunnungsmaart aktiv bleiwen fir Haiser oder Appartementer kënnen u méi akommeschwaach Familljen ze verlounen.

Et ginn och nach aaner Méglechkeiten, wéi verkafen oder de Mietkauf.

Sait 6.

En neie Centre culturel a Ugrëff huelen, wou haaptsächlech Kulturell Veranstaltungen ofgehale ginn, mat Prouf- a Versammlungsméiglechkeeten fir de Gesank an d'Harmonie

Donieft eng multifunktionell Haal mat Kichen plangen a bauen, wou z.B. Baler, Klengdéierenausstellungen oder Privatfester kennen organiséiert ginn.

Daat heescht also dass mir an eiser Gemeng 2 Gebaier mussen bauen. Dat ass ganz einfach Geld an Energieverschwendung, an d'Folgekäschten sinn duebel.

De Groupe de travail fir Neigestaltung vun der Gemengeplaz (Marson, Hutmacher, Theisen a RONK) huet jo schon eng Emfrô bei de Veräiner maache geloos an et ass och eng Gréisstenévaluatioun fir ca. 300 Lait gemaach ginn. An dësem Gebai soll jo och d'Musek hire Proufsall kréien. Et mussen deemno och Parkplaze geschaafe ginn wann dësen Kulturzenter an den Zentrum vu Schëtter gebaut gëtt. De Groupe de travail war sech eens dass een sech ganz gutt misst iwwerleeën, wou esou een Kulturgebei opgeriicht gëtt. Pour a contre sinn opgezielt ginn an dobei ass den Zentrum net gudd ewech komm. Am Zentrum vu Schëtter gëtt esou ee Gebai ee grouesst Problem fir d'Awunner "Hannert Thommes", der Gemengeplaz an deene Stroossen ronderëm.

An der Biergerémfro vun 2013 war eng vun deenen wichtigsten Aussoen "Liewensqualität erhalen". Fir DP gëllt dat fir all Bierger, och fir déi, déi am Zentrum vu Schëtter liewen. Kaméidi, zousätzleche Verkéier och nach Nuets, géife mat dësem Projet d'Liewensqualität vun dëse Leit enorm verschlechteren. Wann dann zousätzlech zu de Käschten vun esou engem Gebai och nach eng extra Hal fir ee puer Baler, et sinn 3-4 Joer, eng Ausstellung asw. soll iergendwou an der Gemeng gebaut ginn, da soe mir nee. Dat ass een Nonsens sonnergläichen an défintif keng Finanzpolitik en bon père de famille.

Mir schloen ee Gebai fir wou all kulturell a Vereinsaktivitéiten zesammen kënnen organiséiert ginn an zwar an der Zône d'activité, wou d'Gemeng ee groussen Terrain zur Verfügung huet. Do sinn genuch Parkplazen, zemools Owes wann des Aktivitéiten sinn.

Wann da parallel de Foussgänger a Vëloswee laanscht Eisebunn vun der Gare a Richtung Zône realiséiert gëtt sinn et knapp 300 Meter vun der Gare bis bei dësen Center.

Dann hätt ech nach eng Fro. Bleift de Groupe de travail bestoen oder gëtt ee neien gebilt oder wat huet de Schäfferot wëlles?

Sait 6.

probéieren deene Jonken ze hëllef an Aarbecht ze fannen andeems mer mat den zoustännege Verwaltungen, Organisatiounen, de lokale Betriber asw. zesummeschaffen fir Aarbechts an Ausbildungsplazen fir eis Jonk ze schafen.

Ma do misst d'Gemeng dach elo mol mam gudden Beispill virgoen. Anstatt datt bei den Ausschreibungen ëmmer drop gepocht gëtt Leit anzustellen déi schonns eng jorelaang Erfahrung hunn a sämtlech staatlech Examen gepackt hunn sollt een dann och wierklech deene Jonken eng Chance ginn. Wéi sollen si dann Erfahrungen sammeln wann se keng Chance hunn sech ze beweisen. Ech war an der Vergaangenheet ëmmer géint des Aart a Weis. Eise Buergermeeschter war ee vun deenen déi ëmmer drop gepocht hunn erfueren Leit anzustellen. Ma elo huet hien Geleeënheet de Jonken Leit och eng Chance ze ginn an daat wat hei an der Schäfferotserklärung festgehalten ass ëmzesetzen. Ech si gespaant wat dann elo an Zukunft an deem Beräich geschitt.

Sait 8.

Mir wäerten ons beméien fir déi traditionell Geschlechterrollen a Stereotypen ëmzeträmpelen an zum Beispill Pappen encouragéieren congé parental ze huelen.

Et ass dach net un der Gemeng de Pappen ze soen fir congé parental ze huelen. Déi Leit di dat wëlle maache wäerten dat jo schonns maachen. Si gi jo och do vum Staat ënnerstëtzt. Ech weess net virwaat dat do soll an enger Schäfferotserklärung stoen, et sief dann fir d'Saiten ze fëllen.

Sait 8

De Wanterdengscht reduzéieren.

Waat heescht daat a wéi soll daat ausgesinn.

Sait 9.

Fir eis gemengeneegen Drenkwaasserquellen ze schützen an domat d'Qualitéit vum Drénkwaasser ze garantéieren wëlle mir déi sougenannten „Wasserrahmenrichtlinien“ emsetzen.

Wat heescht hei wëlle. Dir musst. Alles wat ënner Drénkwaasser an Waasserschutz steet ass eng Mussesaach an do kann ee net soe " mir wëlle"

Sait 10.

D'Gemeng baut weiderhin op Photovoltaik, déi haut méi effikass a vill méi bëlleg ass, an dat op allen Diech vun de Gemengegebaier déi sech nom Solarkadaster heivir eegenen. Hei sollen déi interesséiert Bierger mat participéiere kënnen , z.B. ënnert Form vun Energiekooperativen

Ech sinn der Meenung dass d'Gemeng des Anlagen op hire Gebaier selwer an Optrag gëtt. Esou kënnen nämlech duerch d'Aspueren vun Energie all Bierger vun dësen Anlagen profitéieren, andeems d'Gemeng manner Energiekäschte huet.

Op der Sportshal war jo och esou eng Kooperativ geplangt an nodeems den Nico Enovos d'Rechnung gemaach hat an hinnen konnt matdeelen dass 30% u Verwaltungskäschten an d'Gerance géif verluer goen, huet ENEVOS agesinn a gesot jo et wär besser wann d'Gemeng de Projet selwer géif duerchzéien.

Ech maache elo Schluss a soen iech Merci.